**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

| Info-Box | |
|---|---|
| Bestell-Nummer: | 13007LU |
| Sprooch: | Lëtzebuergesch |
| Kaméidistéck: | 3 Akte |
| Bünebiller: | 1 an enger Stuff |
| Spilldauer: | +/- 90 - 100 Min. |
| Rollen: | 10 |
| Frauen: | 7 |
| Männer: | 3 |
| Rollensatz: | 11 Hefte |
| Preis Rollensatz | 152,00€ |
| Aufführungsgebühr pro Aufführung: 10% der Einnahmen mindestens jedoch 85,00€ | |

**13007LU**

# De Superhypochonder

(Kaméidistéck an in 3 Akten
**vum**
**Jos Weimerskirch**

Leseprobe: Verlagsverband

## De Superhypochonder
**Dee wou sech abilt krank ze sinn.**

**Rollen 10 [3m 7w; 4m 6w; 5m 5w; 6m 4w; 7m 3w]**

**Inhalt:**

Den Henri, Erfollegschrëftsteller, ass en totalen Hypochonder. Seng Fra an hir Komplizen ënnerstëtzen hien doranner. Säi Meedchen a seng Schwëster versichen him d'Aen opzemaachen.

Eng zäitgenëssesch Parodie vum Molière sengem Stéck.

**Et spille mat:**

| | |
|---|---|
| Henri [Heng] | Mann tëschent 40 a 60 Joer |
| Tessy | Haushälterin |
| Alexandra | dem Henri säi Meedchen |
| Marie-Thérèse [Tréis] | dem Henri seng Fra |
| Jil Sprëtz | dem Henri säin Dokter |
| Christiane | Infirmière |
| Janina Quopotzka | Energiologue an enk Frëndin vum Marie-Thérèse |
| Danièle | Editrice vum Henri |
| Astrid | dem Henri seng Schwëster. Leet kee Wäert ob Weiblechkeet |
| Eric | dem Alexandra säi Frënd |

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Akt 1**
**Szeen 1**
**Heng**

*(De Riddo geet op an de Heng setzt aleng op der Bün un de Pëllekëschten ze triwwelen a säi Pëllespender opzefëllen.)*

**Heng:** Sou dat wier et fir haut. Ech muss de Storax nei opschreiwe loossen. Ech hu just nach fir 2 Wochen. Mee de Stérabol deen ass wierklech gudd. Zënter dass ech deen huelen ass mäi Stullgank besser. D'Wëssenschaft ass awer wierklech gudd. Wat hätt ech gemaach wann et dat Mëttel net géif? (*E kniwwelt weider u sengem Bierg vu Medikamenter.)* Wéi spéit ass et eigentlech? 9 Auer. Di richteg Zäit fir unzeruffen. (*En hëlt säin Handy.)* Hallo! Jo Moie Madame. Et wier fir e Rendez-vous ... Jo, ech kennen d'Gebai ... Just fir e kompletten Check-up ... Deen éischten? Nee mäi leschte war virun 3 Méint. Et wier also un der Zäit fir nozekucken ob ... E Mol am Joer? Mach Dir de Geck? Wësst Dir, esou wéi ech mech fillen wier et besser ... a 14 Deeg ... wann ech dann nach do sinn. Ech hunn Aech net mäi Numm ... Ah! Daer hutt en erëm fonnt! Daer sidd jo eng richteg Hellseherin. Et ass wouer, ech si bei Aech e Stammclient. Di nächste Kéier ass et fir d'zéngt ... innerhalb vun 3 Joer? Ah jo! Daer hutt Recht. - Also dann a 14 Deeg. Nach e schéinen Dag Madame.(*En hänkt an.)* Et ass verréckt wéi d'Leit hir Gesondheet vernoléissegen ... Ech vertrauen der Virbeugung. Et ass ee ni virsiichteg genuch - Gudd elo muss ech nach meng Pëlle fir d'Bluttcirculatioun huelen... Tessy! Kënn Daer maer Waasser bréngen?

**Szeen 2**
**Heng, Tessy**

*D'Tessy kënnt op d'Bün mat engem Glas Waasser.*

**Tessy:** Wann ech gelift!

**Heng:** *(ganz zweiwelhaft)* Wou kënnt dat Waasser hier?

**Tessy:** Wat gelift?

**Heng:** Vu wou hu Daer dat Waasser hir?

**Tessy.** Aus esou engem Stéck iwwert dem Lavabo wat ee Krunn nennt.

**Heng.** Wëll Daer, dass ech stierwen? Bei mengem Traitement brauch ech rengt Mineralwaasser. Soss wierken all di eenzel Stoffer vu mengem Medikament net. Ech hunn Aech dat dach schonns iwwer 20 Mol gesot.

**Tessy:** Wat wëll Daer? Zënter, dass ech op der Welt sinn drénken ech Krunnewaasser an ech si kärgesond. Ech sinn dat anert Waasser mat Plastik Geschmaach guer net gewinnt.

**Heng:** Kär gesond! Si Daer Dokter fir kënnen dat ze behaapten?

**Tessy:** Nee ech sinn net Dokter mee ech kenne meng Leitungen. An ech kann Aech soen, zënter dass ech hei bei Aech schaffen, sinn ech resistent.

**Heng:** A wéi laang nach? Mat dem wéineg wou Daer no Aech kuckt.

**Tessy:** Wien vun eis ka soen, dass en éischter an d'Këscht geet?

**Heng:** Gidd Aech, Daer hutt jo keng Anung.

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

Leseprobe: Verlagsverband

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Tessy:** Ech hunn dat blouss esou gesot.

*Den Heng wierkt op emol ganz berouegt ...*

**Heng:** Wësst Daer eppes iwwer mech?

**Tessy:** Gelift?

*Heng wiergt verschotert.*

**Heng:** Lo fält et maer nees an... Oh Mäi Gott! Ech hu maer et jo schonns geduecht ...

**Tessy:** Wat ass da lass?

**Heng:** Wann ech gelift. Sot maer d'Wouerecht.

**Tessy**: Ma sot. Vu wat schwätzt Daer?

**Heng:** Macht Aech keng Méi mech ze verschounen. Ech hunn d'Verlaangen et ze wëssen!

**Tessy**: Wann Daer net méi kloer sot wat Daer mengt, ginn ech nees an d'Kichen.

**Heng:** Ech wäert Aech hëllefen....

**Tessy:** Dat ass eng gudd Iddie.

**Heng:** Ech hunn Aech virgëschter diskret mam Dokter Sprëtz schwätze gesinn.

**Tessy :**Jo an?

**Heng:** Am Ufank hunn ech näischt drop ginn. Mee mat aerem Saz wien vun eis als éischt an d'Këscht geet. Ech hunn verstanen ...

**Tessy:** Verstanen? Verstane wat?

**Heng:** Ech si verluer? Ass et dat?

*Tessy wierkt wéi wann et him net gudd derbäi wier.*

**Heng:** Ech hunn also richteg gesinn. Et ass mäi Feeler ... Ech hätt net esou laang mat mengem Check-up solle waarden. Ech si geliwwert.

*D'Tessy seufzt géint de Plaffong.*

**Heng:** Ech muss also stierwen...

*D'Tessy seufzt géint de Plaffong.*

**Heng:** Ass et sécher? Gëtt et keen Auswee?

**Tessy:** Guer keen...

**Heng:** *(niddergeschloen)* Esou hu Daer mech also verroden. Daer hätt kéinten mat maer schwätzen ... Wësst Daer et schonns laang?

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

Leseprobe: Verlagsverband

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Tessy:** Et schéint maer jo.

**Heng:** An ech hunn et di ganzen Zäit ignoréiert ... Mee wien hat Aech et gesot?

**Tessy:** Wien?

**Heng:** Halt op Aech domm ze stellen, den Dokter Sprëtz?

**Tessy:** Ah jo.

**Heng:** An?

**Tessy:** Et ass perséinlech ...

**Heng:** Dauert dat nach laang Äert kéngt Spill?

**Tessy:** Hien wollt mech op e Patt invitéieren ... Ech zecken. Mee et ass e flotte Kärel!

**Heng:** Dat ass maer dach egal. Mee wat huet dat mat mengem Doud ze dinn?

**Tessy:** Mat Aerem Doud ... Guer näischt!

**Heng:** Daer hat dach elo just gesot ech misst stierwen ...

**Tessy:** Ah Jo. Et soll Aech net besser goen wéi deenen anere Leit. Wousst Daer dat net?

**Heng:** Ech verdroen Aere Witz net... Also sot den Dokter näischt iwwert meng Gesondheet?

**Tessy:** Wat wëll Daer, dass hien Aech seet? Daer maacht dach Aer Diagnosen a Verschreiwungen selwer. Daer sidd säi beschte Client. An hien kann sech e neien Auto kafen, ech mengen dat ass just duerch Aech.

**Heng:** Daer gleeft also guer net d'Wëssenschaft?

**Tessy.** Un d'Wëssenschaft? Dach! Mee wéi ass et bei Aech? Hien mécht wéi wann en un Aer Krankheeten gleewe géif, verschreift Aech Glaubersalz an encaisséiert 43 Euro. Ech gesinn do just e rentabelt Geschäft.

**Heng:** Gidd an Aer Kichen. Ech froe mech fir wat ech mat Aech diskutéieren.

**Tessy:** Wéi den Haer wëll! Soll ech Aech awer nach Mineralwaasser bréngen?

**Heng:** Jo an zwar ganz séier. Well ech sinn hannendran mat menger Behandlung.

**Tessy:** Ech fläisse mech also. Ech wëll net un Aerem Doud schëlleg sinn.

*Si geet eraus.*

**Heng:** D'Einsamkeet vun engem Kranken.

*Et schellt un der Dier*

**Heng:** Tessy! Kënn Daer d'Dier opmaachen?

*Vun hannen.*

Leseprobe: Verlagsverband

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Tessy:** Ech ginn. Bougéiert nëmme net! Net, dass Daer Aech iwwerustrengt.

**Heng:** Dat Meedchen ass eng Frechheet.

**Szeen 3**
**Heng, Christiane**

*D'Christiane, d'Infirmière kënnt mat hirer Poche op d'Bün.*

**Heng:** Oh mäi léift Christiane. Aleng wann ech Aech gesinn, geet et maer schonns nees besser.

**Christiane:** Moie Monsieur! Wéi geet et Aech haut de Moien?

**Heng:** Ech si ganz schwaach. Aer Piqûre mat de Vitaminnen wäert maer gudd doen. Ech wëll haut de Nomëtten e bëssen am Büro schaffen.

**Christiane:** Geet et viru mat Aerem Buch?

**Heng:** Et muss jo. Wéi wëll de Kranke soss sat ginn?

*Wärend Christiane d'Material preparéiert.*

**Christiane:** Sou elo ass se prett: Gidd a Positioun fir Aer Piqûre.

**Heng:** Ech weess et net méi. War et gëschter dee lénksen oder dee rietse Back?

**Christiane:** Dee lénksen. Haut si maer di gerueden Deeg, Also op di riets Säit. Hopp a Positioun!

*Si piqut*

**Heng:** Schonn aleng wann ech di Flëssegkeet a maer spieren hunn ech d'Gefill wéi wa meng Kräfte géifen erëmkommen.....

**Christiane.** Op mannst klot Daer net, dass Daer Wéi hutt. Esou Leit hätt ech gäre lauter um Tour.

**Heng:** Wat mécht schonns esou eng Piqûre aus, wann ee sech duerno nees besser fillt.

**Christiane:** War des Woch schonns den Dokter bei Aech?

**Heng:** Virgëschter. E soll haut de Owend nees zeréck kommen.

**Christiane.** A wat seet en Aech?

**Heng.** Net vill... E verschount mech.

**Christiane:** Gesidd net alles schwaarz. Ech fannen Aech geet et vu Kéier zu Kéier besser.

**Heng:** Sécher e lescht Opbäuen.

**Christiane:** Et ass net, dass ech mech bei Aech langweile géif, mee nach weider Kranker waarden op mech ...

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

Leseprobe: Verlagsverband

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Heng.** Aech ze gesinn deet maer esou gudd!

**Christiane:** Bis muer... a nach e schéinen Dag ...

*D'Christiane geet vun der Bün.*

**Heng:** Tessy! Wann ee mech sicht, ech sinn a mengen Büro. Ech ginn e bësse schaffen.

*De Heng hieft sech a schlappt an de Büro.*

**Szeen 4**
**Tessy**

*D'Tessy kënnt op d'Bün.*

**Tessy**: Kuckt Aech di Baustell un. Di Medikamenter. Ganz Këschten! Kee Wonner wann et der Krankekeess schlecht geet. - Ech lëften e bëssen. En huet esouvill Angscht vu Mikroben, dass e keng Fënster op wëll, wann en do ass!*(Si raumt e bëssen a mécht d'Fënster op.)* An ech sinn iwwerzeegt, dat e näischt huet. Mais bon, hien ass de "Fonds de commerce" vun esou ville Leit. An ausserdeem huet hien et jo. Säi lescht Buch ass de Renner! Anscheinend kënnt de Verlag net mam Drock no. Ech hat versicht d'Buch ze liesen, mee all Kéiers no 2 Säiten sinn ech ageschlof. Mee laut Spiegel, Zeit, Welt an engem aneren, wier et genial. E Buch wat ee liese muss. E Buch wat een am Salon muss leie loossen, fir dat een als Gescheiten eriwwer kennt. Ech mengen di meescht Leit déi et kaf hunn, hunn et nach guer net op gemaach, oder se hunn et just als Bettlekture um Nuetsdësch leien. Fir do ze leien.
D'Geld fléisst an d'Gaunere kommen all fir d'Schof ze schueren. Duerch näischt maachen verdéngt hien eng gëlle Nues an da ginn et Leit di richteg krank sinn a futti ginn well se keng finanziell Mëttel hunn fir sech fleegen ze loossen. Se hunn net genuch Leit an de Spideeler fir no de Kranken ze kucken, an da ginn et Stäck fir V.I.P. wou eng Infirmière sech ëm 2 Kranker këmmert. Et ginn Deeg do géif ech am léifsten d'Privileegien ofschaffen. Et ass wéi bei verschidde Planzen! Du schneits ze gläichens dem Buedem of, mee da wuessen se duebel esou séier. Ech aleng wäert d'Welt net änneren. Fir op mäi Patron nees schwätzen ze kommen. Et ginn Deeg do hunn ech richtegt Matleed mat him. Säi Liewen ze verbréngen ëmmer am Gedanken krank ze sinn, woubäi e wéi en Verréckten, mat sengem Geld em hier sprange kéint. Gudd, ech maache virun well ech si spéit un ... Ech muss all Kéiers wann ech fir hien akafen drun denken d'Ingredienten op der Verpakungen ze iwwerdecken well soss kuckt e nees ob e net dat eent oder anert allergesch ass. Ech froe mech ob hien net komplett jaus ass.

**Szeen 5**
**Alexandra, Tessy**

*D'Alexandra, dem Heng säi Meedchen kënnt op d'Bün.*

**Alexandra:** Moien Tessy. Ëmmer e Botzduch an der Hand?

**Tessy.** Moien Alexandra. Wat wëlls de hunn, esou ass et eben. Du weess jo fir d'Gesondheet vun dengem Papp. - Et muss ëmmer propper sinn.

**Alexandra:** D'Gesondheet vu mengem Papp. Maer sinn jo ënner eis! Du weess genau, dass e kärgesond ass. Och wann ech zouginn: en ass e bëssen plemmplemm.

**Tessy:** Schumms Du dech net esou vun him ze schwätzen.

Leseprobe: Verlagsverband

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Alexandra:** Et ass schonns Gewunnecht. Di ganz Saach war schonns amgaang wéi ech nach kleng wor. Ech hunn heiansdo d'Gefill wéi wann d'Doktere schonns zur Famill gehéiere géifen.

**Tessy:** Du weess säi gréisste Wonsch wier et du géifs dech bestueden mat engem ...

**Alexandra.** Schwätz maer de Moment net vun enger Hochzäit. Fir wat soll ee sech mat engem Stéck Uebst zefridde ginn wann een de Bongert voll huet.

**Tessy:** Schumms Du dech net?

**Alexandra:** Wisou? Ech si frou mat der Léift a mam Sex. Ech mengen ech kompenséieren am Verglach zum Papp. Hien refuséiert ze Liewen fir net ze stierwen an ech zéien et vir ze liewen ier ech stierwen.

**Tessy:** Du hues villäicht Recht, mee ech traue mech net.

**Alexandra:** Ech mengen Du bass eent vun deenen heemlechen ... Kuck mech ... Ech mengen Du hues scho méi wéi engem d'Häerz gebrach.

**Tessy:** Elo sinn ech gebrach ... a mäin Olivier ass esou e feine Mann.

**Alexandra**: Vergiess net deng Ried. Ass de Papp do?

**Tessy:** Ech roden Daer hien elo net ze stéieren, hien schafft!

**Alexandra:** Ganz gudd. Hien garantéiert eis "Droits d'auteurs"!

**Tessy:** Et leeft bei him.

**Alexandra:** Ech verstinn dat net! Ech kenne keng méi langweileg Bicher wéi seng an awer wëll jiddereen se hunn.

**Tessy:** Du berouegs mech. Ech hat schonns gemengt ech wier dat eenzegt wat näischt versteet.

**Alexandra.** Ech hu keent fäerdeg gelies. Wann hien mech meng Meenung freet vermëschen ech ëmmer dat alles wat ech esou iwwert seng fréier Bicher an der Zeitung gelies hunn. Mam Internet ass dat haut einfach. Mee fro mech net u wat hien am Ablack schreift.

**Tessy:** Maer liewen an enger verréckter Welt. Deen e Buch schreift, dat jidderee beréiert, gëtt versuergt an deen deen e Buch schreift, dat keng Sau versteet, gëtt als Genie betruecht.

**Alexandra:** Et ass dach egal, Haaptsaach et bréngt eppes eran. Fir wat soll een sech do nach Froe stellen.

**Tessy:** Et deet maer gudd Dech ze gesinn, mol een normale Mensch.

**Alexandra:** Ass d'Queen - Mum net do?

**Szeen 6**
**Tréis, Alexandra, Tessy**

*D'Tréis kënnt eran.*

**Tréis:** Äntwert net Tessy! Ech sinn do!

Leseprobe: Verlagsverband

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Alexandra:** Ech hunn och schonns gemengt d'Loft wier esou stéckeg.

**Tessy** *(virsiichteg):* Ech gi nees an d'Kichen ... Ech loossen Aech.

*D'Tessy geet.*

**Tréis:** Ech froen Dech net wéi et Daer geet. Et ass maer egal. An ech sinn Daer sécher och egal. Dat ganzt berout op Géigesäitechkeet.

**Alexandra:** Domadder sinn ech net averstanen. Du kanns Daer net virstelle wéi glécklech ech wier wënns Du op der Plaz dout ëmfale géifs.

**Tréis:** Charmant.

**Alexandra:** Dat ass de Virdeel dee maer zwee hunn. Normalerweis maachen d'Leit wéi wann se sech ausstoe géifen och wann dat net de Fall ass. Mee bei eis zwee.

**Tréis:** Schonns wéi maer eis di éischte Kéier begéint sinn, ware maer éierlech zueneen.

**Alexandra.** An zënter hier komme maer eis net méi aus de Féiss.

**Tréis:** Ech offréieren Daer näischt ze drénken.

**Alexandra:** Net néideg ech huele maer selwer.

**Tréis:** Dem Papa säin Engelchen verdréit di béis Stéifmamm net.

**Alexandra:** Du bass esou falsch wéi deng Pärelketten.

**Tréis:** Du bass awer haut gudd drop.

**Alexandra:** De Papp soll mat maer nees Freed u sengem Liewe fannen. Souguer wann en e blond dohier gelafend, mat decke Bréscht fonnt hätt, wier ech méi begeeschtert gewiergt. Mat sengem Geld hätt e kéinten e jonkt Dickelche fannen wat näischt aneres wëll ... mee neen.

**Tréis:** Hien wollt eng ganz distinguéiert Fra.

**Alexandra:** Dass ech net laachen. D'Kleeder maachen net onbedéngt eng Houer aus.

**Tréis:** Pass op wat' s  de sees.

**Alexandra:** Kenns Du de Saatz vum Brel? "Les vraies putains, sont celles qui font payer pas avant, mais après!"

**Tréis:** Du bass ongerecht, ech këmmere mech ëm däi Papp.

**Alexandra:** Du léiss hien sech ëmmer méi a säin Hypochonderliewen era steigeren, an Du lees och nach eng Schëpp bäi.

**Tréis:** Däi Papp ass volljäreg.

**Alexandra:** Du hoffs enges Dag alles ze ierwen.

Leseprobe: Verlagsverband

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Tréis:** Villäicht! Du brauchs maer keng Lektioun ze ginn. Ech si forcéiert mat him ze schlofen fir anzesäckelen ... a gleef maer, et ech klaue net. Mee Du ... Du fiers weider geleeëntlech e Scheck ze froen, fir däin non-foutiste Liewen als Student.

**Alexandra:** Louder.

**Tréis.** Gesäis de. Wann een engem Lektioune wëll erdeelen komme se heiansdo zeréck wéi e Boomerang.

**Alexandra:** Dem Papp wäerten enges Daags d'Aen opgoen.

**Tréis:** An dann duerchkuckt e mech oder dech?

**Alexandra:** Wat' s Du och ëmmer méchs, ech bleiwen säi Meedchen.

**Tréis:** Wann e Meedchen säi Papp belitt, kann dee nees op seng Féiss falen.

*(Alexandra hëlt aus fir ze schloen.)*

**Tréis:** Gesäis de, Du beschëllegs mech, mee ech sinn net blann. Komm maer fuere weider eis ze haassen, mee maer bekrichen eis net.

**Szeen 7**
**Alexandra Tréis, Heng**

*(D'Alexandra stécht an a wëll äntweren. Do kënnt de Heng.)*

**Heng:** Daer sidd allen zwee hei. Daer hätt mech solle ruffen.

**Tréis:** Schmusebier, maer wollten dech net stéieren. Maer woussten allen zwee, dass dat dech an denge Gedanke géif oflenken.

**Alexandra.** Moie Papa. D'Tréis huet Recht. Schonns als klengt Kand wollts Du net, dass ech dech stéieren wanns Du am Büro waars fir ze schreiwen.

**Tréis:** An du wäerts d'Geleeënheet fir mam Alexandra ze poteren. Et gesäit een hat jo esou rar hei am Haus.

**Heng:** Et stëmmt wat d'Tréis seet. Et gesäit een dech hei esou seelen.

**Tréis.** Du muss hat entschëllegen, mee de Medezinstudium ass esou komplizéiert. Do ass et jo méi einfach Paschtouer ze ginn.

**Heng:** An? Wéi ass et? Klappt et?

**Alexandra:** Et geet. Mee et ass schwéier.

**Heng:** Gëff Dech net. Ech wëll, dass Du mech enges Daags fleegs. Dat wier esou schéin ... ob mannst wa meng Gesondheet bis dohin matmécht.

**Alexandra:** Du weess Papp...

**Heng:** So näischt, ech schaffe fir dech! Et ass main gréisste Wonsch, Dech eng Kéier Dokter nennen ze kennen.

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -
Leseprobe: Verlagsverband

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Tréis:** *(mat engem Bléck op d'Alexandra)* Et brauch vill Gedold.

**Alexandra:** Wéi geet et Daer Papp?

**Heng:** Ech sinn en ale kranke Mann a versichen z' iwwerliewen.

**Alexandra:** Du lauschters ze vill op deng Gefiller.

**Heng:** Dat ass e Saz vun enger Jonker. Du wäers gesinn a mengem Alter. D'Kraaft léisst all Dag méi no...

**Tréis:** Dofir muss de gudd op Dech oppassen.

**Heng:** Dat stëmmt.

**Tréis:** Hues de däi Medikament geholl?

**Heng:** Jo awer mat Verspéidung! Et kéint ee mengen d'Tessy wéilt män Dout.

**Tréis.** Ech schwätze mat him, dass et méi streng mat den Delaisë ass.

**Heng:** Dat ass wichteg.

**Alexandra:** Et muss ee net iwwerdreiwen. E puer Minutte maachen näischt aus egal wat ass.

**Heng:** Du bass nach net Dokter. Den Dokter ass formell. Et sinn heiansdo e puer Sekonnen déi entscheedend kënne sinn.

**Tréis:** Ech maachen en Alarm an d'Kichen, fir dass Tessy net soe kann et hätt net opgepasst.

**Heng:** Gesäis de Alexandra. Et sinn esou kleng Detailer un deenen ee gesäit, dass ee gär geholl gëtt.

**Alexandra:** Du hues eng droleg Aart a Weis fir Léift ze empfänken.

**Heng:** An Du? Wéini presentéiers Du maer e Jong?

**Tréis:** Looss et e Rou. Hat konzentréiert sech op d'Schoul, et ass net den Ament fir hat ze fest ze bannen.

*Et schellt un der Dier*

**Heng:** Ech mengen et ass den Dokter.

**Alexandra:** Da loossen ech Dech elo Papp.

**Heng:** Äddi mäi Kand a komm méi oft laanscht. ... So brauchs de näischt?

**Alexandra:** Ech versécheren Daer ech brauch näischt.

**Tréis:** De Virement vum Ministère misst him duer goen fir all di néideg Schoulbicher ze kafen.

**Alexandra:** Du verwinns mech ze vill Papp.

**Heng:** Profitéier. Ech weess net wéivill Zäit maer nach bleift.

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

Leseprobe: Verlagsverband

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Alexandra:** Allez ech ginn.

*(Wéi si erausgeet kräizt se d'Tessy wat den Dokter Sprëtz era léisst.)*

**Szeen 8**
**Heng, Sprëtz,Tréis,**

**Heng:** Ah Mäin Lieblingsdokter.

**Sprëtz:** Gudden Owend grousse Schrëftsteller! Hat Daer haut eng Inspiratioun?

**Heng:** D'Krankheet hat maer virdrun e kuerze Moment gelooss. D'Zäit fir eppes ze schreiwen.

**Sprëtz:** Maer waarden ongedëlleg op äert neit Buch.

**Heng:** Daer schmeechelt...

**Sprëtz:** Guer net. Wann Daer weist wéivill Leit gären ären Dokter wären.

**Heng:** Ech ginn Aech vill Zweifel op.

**Sprëtz:** Gëschter sot nach eng Madame ... "Wat muss dat eng Éier sinn esou eng bedeitend Persoun als Client ze hunn".

**Heng:** *(falsch bescheiden)* Ech verdéngen net esou en Éier.

**Tréis:** Dat ass alles wonnerbar Dokter. Mee kënnt Daer maer e puer berouegent Saachen vu mengem Mann soen. Ech sinn esou beonrouegt.

**Sprëtz:** Ech hunn d'Resultater vun der Bluttanalyse vum lëschte Méinden.

**Heng:** *(hëlt dem Dokter säi Skalpell)* Erspuert maer näischt. Ech well d'Wouerecht wëssen.

**Sprëtz:** Zielt op meng Beruffserfarung. Voilà. Daer sidd net an aerer jugendlecher Form an et ginn e puer Saachen déi beonrouegen.

**Heng:** Ech hu maer et geduecht.

**Sprëtz:** Awer d'Medikament huet lues ugeschlo.

**Heng:** Et misst een et verstäerken.

**Sprëtz:** En Gottes Wëllen. Eng intensiv Behandlung kéint Aech sécher nees schnell op d'Been bréngen, mee ...

**Heng:** (be*onrouegt)* Ja?

**Sprëtz:** Wann een ze séier no fir kuckt, ass de Risk vun enger Rechute ganz grouss. Ob alle Fall ...

**Heng:** *(weiderhin beonrouegt)* Oh....

**Sprëtz:** D'Krankheet géif ausser Kontrolle geroden.

**Heng:** Wat eng Chance Aech als Dokter ze hunn. Wou wier ech ouni Aech?

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -
Leseprobe: Verlagsverband

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Sprëtz:** Gleeft maer et läit maer vill drun Aech nees gesond ze kréien. ... Mat Gedold an d'Anhalen vu menge Rezepter... Maer kommen esou lues weider.

**Tréis:** Huesi, lauschter op den Dokter!

*De Sprëtz kuckt sérieux a mécht wéi wann e nodenke géif.*

**Sprëtz:** Daer sidd kee Kranken wéi all di aner. A mat Aech kann een iwwer alles schwätzen.

**Heng:** Ech héieren.

**Sprëtz:** E Labo huet e neit Medikament hiergestallt wat ideal fir Aech wier ... Allerdéngs...

**Heng:** Schwätzt Dokter.

**Sprëtz:** Et ass eréischt an engem Experimentéierstadium. Et kritt een et nach net an der Apdikt an Dokteren, déi et verschreiwe wëllen, mussen et selwer preparéieren.

**Heng:** Ech wousst net dass dat méiglech wier.

**Sprëtz:** Dat brauch seng Zäit ... an ass deier.

**Tréis:** Dokter! Daer wësst d'Gesondheet vu mengem Mann huet kee Präis.

**Heng:** Meng Fra huet Rescht. Ech wëll dee fügsamste vun alle Patiente sinn, och wa meng Gesondheet mech eppes kascht.

**Sprëtz:** An deem Fall. Ech wäert aerer Fra eng Partie Dokumenter betreff deem Medikament auszefëlle ginn.

**Heng:** Merci, ech sinn ze vill geschlaucht fir esou Saachen.

**Sprëtz:** Ech roden Aech ... Ech géif soen ... ech befeelen Aech an d'Bett ze goen. An aerem Fäll ass raschten di beschte Medezin.

**Heng:** Daer hutt Rescht. Ech mengen ech muss mech fir 2 Stonnen hileeën. Bis an 2 Deeg Haer Dokter. Ech loossen Aech an de gudden Hänn vu menger Fra.

*En hieft sech a geet.*

**Szeen 9**
**Sprëtz, Tréis**

**Sprëtz:** Sou lo hu maer 2 Stonnen eis Rou.

**Tréis:** Hues Du éieren eng Wëlles?

*(De Sprëtz ëmäermelt Tréis.)*

**Tréis:** Pass op e kéint erëm kommen.

**Sprëtz:** Ech géif dee Kranke gär gesinn, deen et anescht mécht wéi säin Dokter et seet.

**Tréis:** Wat ass dat mat der Geschicht vun deem neie Medikament?

Leseprobe: Verlagsverband
- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Sprëtz:** Dat hunn ech fräi erfonnt. Däi Mann virdréit et net wann ech fort ginn ouni him eppes Neies opzeschwätzen.

**Tréis:** Dann hues Du näischt?

**Sprëtz:** Ech zerklengeren e bëssen Asperin an e bësse Schuel vun enger Orange an dann mengt hien et wier dat neiste Medikament vum Joerhonnert.

**Tréis:** Wann dat Daer alt net d'Genéck brécht.

**Sprëtz:** Ma fir wien häls Du mech? Ech hunn eng gewëssen Ethik.

**Tréis:** Komm elo net esou. Ech weess wéi ech sinn, mee Du bass e Gauner éischter Klasse.

**Sprëtz:** Merci. A wat wëlls de, dass ech maachen...

**Tréis:** Ech wéilt d'Saache géife méi séier goen. Ech halen en net méi aus.

**Sprëtz:** Ech verstinn dech net. Firwat eng Mëllechkou schluechten? Ech schluecht een se eréischt wann hir Zitzen eidel sinn.

**Tréis:** Do gesäit een, dass Du net mat him schlofe musst

**Sprëtz:** Ech mengen an der Saach hues Du deng Rou. Ech wëll dech net méi mat engem Aneren deelen.

**Tréis:** Erklär.

**Sprëtz:** Di leschte Kéier wéi ech hei war, war ech mat him aleng. Ech hunn him erkläert, dass säin Häerz onreegelméisseg schloe géif ,an dass all sexuell Aktivitéit zu sengem Doud bäidroe kéint.

**Tréis:** Dat ass en Detail duerch dat ech waarde kéint. Ass dat wouer?

**Sprëtz:** Wat?

**Tréis:** Mat sengem Häerz?

**Sprëtz:** Méchs Du de Geck? En huet en Häerz wéi e Puppelchen! Genau esou wéi de Rescht vun him. Mat deenen Tonne Pëllen déi hien schléckt, misst säin ganze Mo réi sinn. Mee näischt. En huet keng Bluttanalyse déi ausser der Norm ass.

**Tréis:** Dat kann ee net gleewen.

**Sprëtz:** Et ass dee gesondste Kranken deen ech kennen.

**Tréis:** An Du hues keng Angscht, dass hien mierkt, dass maer de Geck mat him maachen?

**Sprëtz:** Keng Angscht. D'Hypochonder ginn eréischt mësstraueg wann ee versicht se ze berouegen. De Schlësselsaatz ass ... Et ass alles an der Rei ... just eng Klengegkeet ... an duerno geet et duer ze spannen. Duerch däi Mann kënne maer zesummen ënnert der Sonn al ginn. Et ass alles perfekt.

**Tréis:** Esou laang keen him Zweiwel an de Kapp setzt.

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -
Leseprobe: Verlagsverband

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Sprëtz:** Ziel op mech. Ech kommen ëmmer ëfters laanscht. Wann ech dee geréngsten Zweiwel a sengen Aussoen héieren, gëtt et Zäit hien nees duerchzechecken an en an d'Bett ze leeën.

**Tréis:** Du bass jo den Däiwel a Persoun.

**Sprëtz.** Komm maer halen op vun dem Verréckten ze schwätzen, ëmäermel mech.

*(D'Tréis fält him an d'Äerm iwwerdeems d'Tessy era kënnt. Si gesinn hat net - Hat geet diskret nees eraus an d'Luuchte ginn aus.)*

**Schwaarz**

*(Wann d'Luuchten uginn ass den Heng am Pyjama op der Bün am Gang u sengem Handy ze kniwwelen. Um Dësch niewen him eng ganz Usammlung vu Medikamenter. Niewent him ass seng Editrice am Gang e puer lass Blieder ze liesen.)*

**Danièle:** *(fir sech)* Dat ass perfekt, perfekt.

**Heng:** Dat ass just di éischt Versioun, mee dat wat' s Du an den Hänn hues ass d'Grond-Iddie vum éischte Kapitel.

***Danièle:*** *(ouni de Kapp ze hiewen)* Hm... Dat wat eis nach gefeelt huet.

**Heng:** Gefält er Daer?

**Danièle:** *(net present)* Hm, Hm,...

**Heng:** Gefält et Daer?

**Danièle:** Dat wäert sech verkafen wéi waarm Bréidercher.

**Heng:** Kanns Du fir een Ament d'Sue vergiessen ... Ech weess als Editrice muss Du kucken, dass d'Buch sech verkeeft. Mee ech wollt deng Meenung zum éischte Kapitel héieren.

**Danièle:** *(genéiert)* Et ass perfekt!

**Heng:** Perfekt, dat seet guer näischt. Wat mengs de zu der Theorie déi ech entwéckelt hunn?

**Danièle:** *(dat selwecht Spill)* Ah, d'Theorie!

**Heng:** Du bass di éischt Persoun déi dervunner héiert. Bass Du Daer dees bewosst? Wann' s Du spontan drop reagéiere misst, wéi fënnt 's de se?

**Danièle:** Ouni ze zecken, Genial.

**Heng:** *(verdächteg)* Ech misst just wëssen ... Wann ech di 2 Hypotheesen um Enn vum Kapitel géinteneen stellen. Wat fir eng beréiert dech méi?

**Danièle:** *(fillt sech net wuel)* Ech zecken.

**Heng:** Ech weess. Du méchs de Geck mat maer.

**Danièle:** Guer net.

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

Leseprobe: Verlagsverband

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Heng:** Ech zielen Daer schonns zënter 10 Minutten egal wat. Entweder méchs de wéi wann' s de liese géifs, oder du verstees guer näischt.

**Danièle:** Wëlls de d'Wouerecht héieren?

**Heng:** Ech ginn zou, ech géif déi nawell gären héieren.

**Danièle:** Ech verstinn guer näischt.

**Heng:** Du kanns een awer encouragéieren.

**Danièle:** Wat ech soe wëll, ech hunn nach ni eent vun denge Bicher verstan.

**Heng:** Méchs du de Geck mat maer. Et ass deng Aufgab se ze verkafen.

**Danièle:** An do kanns Du dech jo net bekloen.

**Heng:** Wéi kanns Du Bicher verdeedegen, wann' s Du se net emol gelies hues. Well ech huelen un, dass du se net verstanen hues, wells Du se net emol gelies hues.

**Danièle:** Ech hat et mat deem éischte probéiert ... Ech hat Daer versprach ech géif deng Bicher op de Maart bréngen, ech hat maer dunn meng Gedanke gemaach an ech war iwwerzeegt maer géife bäilafen.

**Heng:** Et goufen iwwer 300.000 Stéck verkaf.

**Danièle:** Am Ufank hunn ech maer gesot ech sinn ganz domm, dass ech net verstinn wat aner Leit liesen.

**Heng:** Ech weess net wat ech soe soll.

**Danièle:** An dunn hunn ech gemierkt, dass just wéineg Leit deng Bicher verstinn.

**Heng:** Dat ass schrecklech.

**Danièle:** Nee d'Leit loosse sech beaflossen. A wa se manner gebillt sinn, ginn se et manner gären zou. Sou kafen se deng Bicher a schwätzen op trendy Partien dervunner. Du bass fir vill Leit eng Referenz.

**Heng:** D'Referenz vu wat?

**Danièle:** Du fëlls Säiten an de Buchkritiken.

**Heng:** Ech schreiwen also just Bicher déi een einfach dohinner stellt.

**Danièle:** Nee, Du hues och e puer Leit déi deng Bicher analyséieren.

**Heng:** Versichs de mech ze tréischten?

**Danièle:** Du bass de perfekten Auteur aus eiser Zäit. Wann d'Leit sech fir 30 € eent vun denge Bicher kafen, da kafen se sech legal Intelligenz. Se gehéieren dann zu enger Elite.

**Heng:** Wat e blöd Zäitalter.

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

leseprobe: Verlagsverband

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Danièle:** Mierk Daer dee Saz fir en Interview. Maer wäerte Rekorder schloen. Ee vun eisen Zäitgeeschter klot d'Dommheet vun eiser Zäit un. Ech soen eise Leit vun der Werbung Bescheed, déi ginn dann op Twitter an op aner Siten. Ech garantéieren Daer, dat wäert de Rekord vun alle Vente schloen.

**Heng:** Ech hale fir haut mat schreiwen op, ech muss mech erblosen. An Du verschwann ier ech dech erwiergen.

**Danièle:** Äddi Henri, ech komme muer laanscht. An hal op Daer Froen ze stellen. Ech maachen, dass et dech freeë wäert ze schreiwen. An däi Konto op der Bank wäert Somme gesinn déi e virdrun nach net kannt huet.

**Heng:** Komm, looss mech a Rou.

**Danièle:** Bis muer.

*(D'Danièle geet vun der Bün)*

**Black**

**Szeen 11**
**Alexandra, Christiane**

*(Wann d'Luucht erëm ugeet ass d'Christiane am gaang d'Pëllekëschten ze fëllen)*

*(D'Alexandra kënnt eran.)*

**Alexandra:** Moie Christiane! Wann dat esou weidergeet gehéiert Daer nach op emol zur Famill.

**Christiane:** Dat ass oft esou a mengem Beruff, bei laange Krankheeten ass meng Präsenz reegelméisseg all Dag.

**Alexandra:** Laange Krankheeten?

**Christiane:** Jo, wéi bei Krankheeten bei aerem Papp, do brauchen d'Leit Méint, heiansdo esouguer Joren bis et hinne besser geet.

**Alexandra:** Kënn Daer maer soen u wat mäi Papp wierklech leid.

**Christiane:** Daer wësst ech däerf näischt soen.

**Alexandra:** Jo. Mee ech sinn säi Meedchen.

**Christiane.** Wann Daer Froen hutt, da frot säin Dokter. Ech maache just dat wat ech ugestallt ginn.

**Alexandra:** Dat ass awer kamoud.

**Christiane:** Dat ass mäi Beruffsgeheimnis.

**Alexandra:** Just eng Fro. Ech huelen un, dass mäi Papp aere beschte Client ass.

**Christiane.** Hien ass ee vun de Patienten deen ech am meeschte gesinn. Méi soen ech net. Aere Papp schléift nach, Daer kënnt him soen, dass alles fir di nächst 2 Deeg prett ass.

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

Leseprobe: Verlagsverband

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Alexandra:** Eng Visite fir Pëllen an d'Këscht ze maachen. Mäi Papp ass net senil, hie kéint dat selwer maachen.

**Christiane:** Lauschtert. Ech brauch mech bei Aech iwwert meng Leeschtungen net ze veräntweren.

**Alexandra:** Iwwerall wou ech kucken, gesinn ech Leit déi vu mengem Papp senger Zwangsneurose profitéieren.

**Christiane:** Kuckt Aech emol am Spigel, wann ech de Gerüchter gleewe kann.

**Alexandra:** Ech gesinn meng Stéifmamm huet Aech schonns ugestach.

**Christiane:** Ech mengen maer hunn eis weider näischt ze soen - Di eenzeg Persoun der ech Rechenschaft ofzeleeën hunn ass den Dokter Sprëtz.

**Alexandra:** An eventuell mengem Papp.

**Christiane:** Wat fir eng Iddie. Wéi wann maer eis all Kéiers bei de Kranke recht fäerdegen.... Schéinen Dag nach Joffer.

*(Si geet)*

**Szeen 12**
**Tessy, Alexandra, Heng**

*(Alexandra ass aleng op der Bün wéi d'Tessy eran kënnt)*

**Tessy:** Et kéint ee mengen wéi wann eppes net goe géif.

**Alexandra:** Ech ka net méi. All di Ligen a Manipulatiounen an deem Haus. Ech als éischt.

**Tessy:** Et ass elo net de Moment sech selwer ze gäisselen. Däi Papp ass verantwortlech fir deng Ligen. Hien wollt, dass Du fir Dokter léiers, ouni sech d'Fro ze stellen wat' s Du wierklech wëlls.

**Alexandra:** Ech si schwaach, ech traue mech net him d'Wouerecht ze soen.

**Tessy:** Gleef maer! Deng Lige wäert e séier vergiess hunn, wann hie sech bewosst gëtt, dass Du dat eenzegt bass wat e wierklech gären huet.

**Alexandra:** Du bass e rengsten Optimist.

**Tessy:** Du stierfs egal wéi, ob als Pessimist oder als Optimist. Fir wat also traureg duerch d'Liewe goen?

**Alexandra:** Gudd, dass et dech gëtt.

**Tessy:** Du muss e Wee fannen fir him d'Aen op ze maachen. Mam Dokter a mam Tréis ass dat net esou einfach.

**Alexandra:** Do hu sech grad di richteg fonnt, fir mäi Papp ze veronsécheren.

**Tessy:** A wanns Du et wësse wëlls. Di zwee hunn och eppes mateneen.

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

Leseprobe: Verlagsverband

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Alexandra:** Di hannerhälteg Koppel. Déi bréngen hien nach ëm.

**Tessy:** Déi Angscht hunn ech och.

**Alexandra:** Mengs de ech sollt d'Police ruffen.

**Tessy:** A wat sees de deenen? Du hues keng Beweiser. Nee maer mussen méi schlau sinn an eis eppes afale loossen.

*(Den Heng kënnt eran.)*

**Heng:** Mäi Kand? Bass de do?

**Alexandra:** Ech hu mam Tessy gebraddelt. Ech wollt dech net erwächen.

**Heng:** Dat hues Du gudd gemaach. Di Stonne wou ech raschten sinn wichteg.

**Tessy:** Gudd ech loossen Aech... Soll ech Kaffi maachen?

**Alexandra:** Dat wier léif. Merci Tessy.

*(D'Tessy geet vun der Bün.)*

**Alexandra:** An Papp. Wéi geet et Daer?

**Heng:** Ech sinn ganz schwach, ech hunn d'Gefill wéi wann meng Kräfte mech verloosse géifen.

**Alexandra:** Du muss heiansdo an frësch Loft goen. Du gees jo ni aus dem Haus.

**Heng:** Ech géif jo gäre goen, mee et feelt maer u Kraaft. Du bass jonk, Du kanns Daer dat net virstellen.

**Alexandra:** A wat seet den Dokter?

**Heng:** Hien versicht alles fir dat passend Medikament ze fannen. Heiansdo geet et gudd an heiansdo hunn ech Réckfäll.

**Alexandra:** Papa. U wat leits Du genau?

**Heng:** Ech sinn net Dokter. Mee wann ech hien richteg verstanen hunn, sinn ech ganz dereguléiert. Meng Schilddrüse spillt verréckt a mäin Häerz schléit onreegelméisseg.

**Alexandra:** Weess de Papp, et ass heiansdo sënnvoll en 2ten Avis ze froen.

**Heng:** Eng aner Meenung. Den Dokter Sprëtz huet mäi vollt Vertrauen. An ech well hien net iergeren.

**Alexandra:** Den Zoufall well, dass ech a mengem Bekanntekrees un e Geléierte gestouss sinn, em deen sech jidderee räisst, a mat deem ech ewell och gudd Kolleeg sinn. Ech kéint him jo deng Analyse weisen ouni, dass maer et un di déck Klack hänken.

**Heng:** Dat ass léif. Mee déi hunn ech net. Den Dokter Sprëtz huet déi all a mengem Dossier. Du weess ech haassen iwwerflëssegt Pabeier.

Leseprobe: Verlagsverband
- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Alexandra:** Ech verstinn.

**Heng:** Ech sinn a gudden Hänn

**Alexandra:** De Sprëtz kënnt all 2ten Dag.

**Heng:** *(ënnerbrécht säi Meedchen)* Du kanns soen den Dokter Sprëtz!

**Alexandra:** Pardon Papa! Ah da kënnt den Dokter Sprëtz jo net all Dag. Mäi Bekannten kéint jo dann dertëschent kommen. Fir dech an aller Diskretioun ze ënnersichen. Dat géif et erlaben eng zweet Meenung ze hunn. Och wann ech guer keng Zweiwel un der Fäegkeeten vun dengem Dokter hunn giff dat mech berouegen.

**Heng:** Wann' s Du dat gären häss, ech muss mam Tréis emol doriwwer schwätzen.

**Alexandra:** Maer wëllen all Verschwätzen verhënneren, dofir war et besser dat bleift eis Geheimnis.

**Heng:** Du weess ech well net leien a scho guer net bei menger Fra.

**Alexandra:** Ech well jo net, dass de litts, just näischt sees.

**Heng:** Ech hunn dat net gär.

**Alexandra:** Oh Papa.

**Heng:** Mee wann d'Tréis hien begéint.

**Alexandra:** D'Tréis ass eng ganz aktiv Fra wat vill karitativ engagéiert ass. Et geet duer mäi Frënd ze ruffen wann d'Tréis net do ass.

**Heng:** Ech hunn dat Theater spillen net gär.

**Alexandra:** Mee da kriss Du eng zweet Meenung zu denger Gesondheet. *(nidderträchteg)* Villäicht verschreift hien Daer eng aner Behandlung, néi Molekülen ,...

**Heng:** *(ob eemol begeeschtert)* Dat stëmmt. Den Dokter Sprëtz schéint maer ëmmer dat selwecht ze ginn.

**Alexandra:** Mäi Bekannte schafft vill am Ausland, hien kënnt sécher aner Medikamenter an aner Techniken. Du weess jo, wann ee ni aus dem Land erausgeet.

**Heng:** *(no kuerzem Iwwerleeën)* Ech well.... Looss e séier heihinner kommen. Di Saach mat dengem Frënd dréit mech op. Ech mengen ech muss mech nees e bëssen hileeë goen.

**Alexandra:** Ziel op mech Papp. Ech froen direkt d'Tessy wéini d'Tréis net am Haus ass.

**Heng:** Du bass mäin Engel. Ech free mech, dass Du geschwënn no maer kucke wäerts.

**Alexandra:** Jo... Dat gesi maer méi spéit.

*(De Heng geet eraus)*

**Szeen 13**
**Tessy, Alexandra, Tréis, Janina**

Leseprobe: Verlagsverband
- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

*(D'Tessy kënnt eran wat nogelauschtert huet.)*

**Tessy:** Hues Du do schonns eng konkret Virstellung,

**Alexandra:** Ech versichen de Sprëtz vu sengem Sockel ze geheien. Ech brauch dech dofir.

**Tessy:** Ech héieren.

**Alexandra:** Kuck eraus ze fannen wéini d'Tréis an de Sprëtz zesummen ausser Haus sinn. Sou vermeide maer all Risiko a maer hunn fräi Bunn.

**Tessy:** Ech wäert mech ëmhéieren. Dorop kanns Du dech verloossen.

*(E héiert ee Stëmmen hannert de Coulisen.)*

**Tessy:** Elo ginn ech besser, well do kënnt d'Tréis.
Alexandra bleift op der Bün wärend d'Tréis mat enger onpassend gekleeter Fra op d'Bün kënnt. D'Janina *huet e russegen Akzent deen ongleeweg ass.*

**Tréis** Wéi? Bass du nees hei. Wéi eng Moule déi um Fiels peche bleift.

**Alexandra:** Meng léif Stéifmamm. Wat bei de Moule wichteg ass, ass dat se frësch sinn.

**Tréis:** Alexandra ech presentéieren Daer meng Frëndin d'Janina Quopotzka, - Alexandra, d'Meedche vum Heng, a weis de gesäis, si maer di beschte Frëndinnen.

**RIDDO**

*Dëst ass en Extrait aus dem Theaterstéck*
*" De Superhypochonder"*

Wëll Dir dat ganzt Theaterstéck liesen?
Da bestellt dach einfach de ganzen Text als gratis Liesprouf op eiser Websäit.

**Op eiser Websäit ënnert dem Theaterstéck**
**Gréng Bestellbox: Gratis Liesprouf, kompletten Text**
**Rout Bestellbox. Di ganz Rollen**
**Blo Bestellbox: Liesprouw per Post oder Zousaatzheft zu de Rollen**

Wann Iech dat Theaterstéck gefalen huet, da bestellt dach einfach
di ganz Rollen am Internet op eise Websäiten.
www. mein.theaterverlag.de

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersnehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Vertrieb**
mein-theaterverlag
41849 Wassenberg, Packeniusstr. 15

Telefon: 02432 9879280
e-mail: info@verlagsverband.de

www.mein-theaterverlag.de –www.theaterstücke-online.de – www.theaterverlag-theaterstücke.de. – www.nrw-hobby.de

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -